# Am Farweland

Gring
Fresch
Blatt
Kand
Farwdöpen
Schoulmester
Roud
Tomat
Kand
Farwdöpen
Pompje
Schoulmester
Giel
Sonn
Kand
Farwdöpen
Blumm
Roboter
Blo
Kand
Farwdöpen
Jeans
Töntefass
Plakat

Erzieler

Erbs

Erzieler

Et ass schons lang hier ech wes net wivil Joer me et sin schons vill Joer,du war eis Welt ronn wei e Pankech,jo et ass och haut nach emmer esou eng rieseg ronn Kurel.
demols virun ville Joren huet eis Welt aus 4 Deler bestannen.Die 4 Deler waren ganz verschidden vunenen a ken ass vun engem Del an den anere gangen.Am eischten Del do .....
Me ech soll ech jo elo net hei die ganz Geschicht zielen.....
kommt mer kucken emol wei dat demols war.....

**Am gringe Land**

Fresch

ech sin e gringe Fresch
kuckt all hei ass et flottwell hei ass alles gring gring esou wei ech de Fresch quak

Blatt

ech sin e gringt Blatt
kuckt mech wat sin ech esou schein,gell dat gringt steht mer esou gudd,dei Furw ass fantastesch neischt anescht gefällt mer besser

Kand

hei sin d'Kanner gring
mer sin die bescht,die scheinst,well an der Natur sin jo all die
wichteg Sache gring,jo dei si gring

Farwdöpen

Meng Farw ass roud
juppi,ech machen alles gring,die ganz Welt well ech gring
machen,nemen esou ass se schein.

All

(e Lidd )
we welt et woen,we welt et woen,geint die gring Welt virzegoen
du oder du oder du

Erzieler

am gringen Del vun der Welt sin se all frou,well sie sin die bescht
vun der Welt,an sie wellen dass all die aner gring gin.
Me kommt mer gin emol an en vun denen aneren Deler vun deser
Welt.

**Am roude Land**

Tomat

Ech sin eng roud Tomat,eng roud
Roud,roud, kuckt die scheinsten Farw vun der ganzer Welt.
roud ass gudd.....wann ech nit roud sin da wellt ke mech,allsoen
sie...e,sie ass net roud,sie ass net gudd....
me wann ech esou roud sin soen se all mmmh wat ass dei do esou
gudd.

Kand

hei sin d'Kanner roud
Edbieren,Kischten,kamelen...mmh alles dat ass roud a seiss ouni
dat ass eis Welt net schein.roud muss alles sin dann ass et seiss.

Farwdöpen

meng Farw ass roud
juppi,ech machen alles roud,die ganz Welt well ech roud
machen,nemen esou ass se schein.

e Pompje

mech kuken se all,viru mengem Auto staunen sie all,wa mer kommen
reckelen sie all dat ass nömmen well mer roud sin kukt all roud.....

All

(e Lidd )
we welt et woen,we welt et woen,geint die roud Welt virzegoen
du oder du oder du

Erzieler

Kommt emol all mat,et get jo nach en aneren Deel vun der Welt,kommt
mer gin elo duer kuken.Ech froe mech wei et dann do ass.

**Am giele Land**

Sonn

gudde Mötteg leiw Leid ech sin et d'Sonn
durch mech wiest alles,duch mech get et warm,duch mech sin d'Leid frouh,duch mech get et Vakanz  an dat alles well ech giel sin giel

Kand

hei sin d'Kanner giel
giel ass meng Lieblings Fuerw,ech kafen alles wat giel ass,iessen nömmen wat giel ass,a kucken die giel Blummen well giel eleng mecht meçh frou juppi giel

Farwdöpen

meng Farw ass giel
juppi,ech machen alles giel,die ganz Welt well ech giel machen,nemen esou ass se schein.

Sonneblum

ech sin eng Sonneblum
ech hun e hiegen Still esou dass jideren mech kan gesin,ech sin net agebild mee ech sie giel hu der dat gesin giel

Erzieler

Elo sin ech awer gespant op se am leschten Deel och esou sin wei an denen 3 aneren.Do wellt jo awer jideren den beschten sin.Ech sin virwelzeg wei dat an dem bloen Deel ass

**Am bloe Land**

Jeans

blu d'Jeans,hei blu
hehe oni mech denkt emol wivill sitzen do ouni Box,hee am Kalzong well Boxen si blo ouni mech hmm wat gif dat gin.Kuckt emol du an du an du an dohannen de Monsieur ,blo,blo,blo alles blo boxen

Kand

hei sin d'Kanner blo
blo dat ass net nemmen eng Furw,dat as en Zoustand,blo ass den Himmel do ass e glecklech,blo ass d'Wasser ouni dat get et ke Liewen a blo asshei ans do mei Papp,dann ass hen esou glecklech.blo ass en Zoustand.

Tentefass

ech sin en Tentefas
Blo ass d'Farw vum Schreiwen,an denkt emol...ouni d'Schreiwen wire mer  jo nach Urmenschen,a gifen an den Höllen wunnen.Schrecklech,mee durch die blo Tenten hu mer schreiwe geleiert,nemmen durch dat blod ass et meiglech haut hei Theater ze spillen.Gisidd der emol Blo ass dat wichtegst.

Farfdöpen

meng Farw ass blo
juppi,ech machen alles blo,die ganz Welt well ech blo machen,nemen esou ass se schein.

Erzieler

Kommt ech huelen ech och emol all mat an d' Schoul,dat ass interessant do gesi mer wat d' Kanner leieren well dat ass jo dat wichtegst fir hiert Liewen oder net... hei am roude Land

Schoulmester

gring a roud ass roud
blo a roud ass roud
Farwdöpen widerhuel dat a fur weider

Farwdöpen

gring a roud ass roud
blo a roud ass roud
roud a roud ass roud
giel a roud ass roud

Herr Lehrer roud ass ömmer richteg

Schoulmester

Gudd Farwdöpen ganz gud du kriss eng roud Diskett

Erzieler

Elo si mer am gringe Land

Schoulmester

Kaner passt op all zesummen

blo ass net do
giel ass schiel
roud ass doud

némme gring ass emmer richteg

Schoulmester

ganz gudd durfir krit der all eng gring Diskett

Erzieler

Oh mei Oh mei dat ass jo schlemm elei,a bei blo a giel ass dat och net anescht. Et ass schrecklech ech gin net mei maat ech an eng Schoul.Mer gin elo e beschen spazeieren durch Bloland a Gielland oh wat ass do e scheine Park.

Robotor

Giel giel giel sot all giel giel giel..........
blo ass falsch sot al giel giel giel
roud ass falsch sot all giel giel giel
gring ass falsch sot all gielgiel giel

**Am bloe Land**

Kaner spillen

Kand Gring ,giel, roud,du bass doud 3x

Fawdöpen

gewonnen,blo wönnt emer

Tentefass

dat spill ass net gudd,komm mer spillen eee bloches

Kand

ei dat spillen ech gären

Farwdöpen

ech fänken unmat sichen
Wasser
blo
Himmel
blo
etc.

Plakate gin lanscht wou blo drop steht,sie halen op mat spillen a staunen

Box

imens iwerall blo

All

bravo,oh kuk,sie klappen

Erzieler

wat ass dat eppes hei,seier an dat gielt Land,do ass et villeicht besser.

**am giele Land**

Sie setzen all ronderöm an enger meditativer Haltung

D'Fawdöpen

Giel

All

giel,giel,gieeeeeel,giel

d'Fawdöpen

Gring

All

bähh

D'Fawdöpen

giel

All

giel,giel,giel

d'Fawdöpen

roud

All

bähh

D'Fawdöpen

giel

All

giel,giel,gieeeeeel,giel

Erzieler

der hut et och heieren,ass dat net schrecklech,esou eppes,jidderen hält sech jo fir dat enzegt richtegt op der Welt.

An all Land steht d'Fawdöpen mat engem Farwdöpen

Roud

hei ass roud,die roud Grenz,de Strich machen ech all Dag nei,do dirf nömmen e rouden erakommen,die aner mussen dobaussen bleiwen.

Blo

blo ass des Seit,bleiwt all hei op deser seit,ech molen all Dag dese Strech nei,hei blo ass dat bescht hei dirf ken eraus,ech passen op

Giel

Dat Schelt molen ech all Dag frösch,hei dat machen ech gär well ewsou geseit en vun iwerall dass dat gielt dat enzegt ass wat zielt op deser Welt.

Gring setzt do a bied.

weiwen gringen herrgot ,ech soen der merci,dass ech gring sin an net esou roud blo oder giel wei die do.Beschütz mech an hal deng Hand iwert eist gringt Land fir ömmer an eiweg .merci gringen herrgott.Amen

Erzieler

jo,esou bieden die gring zu hierem gringen Herrgott an die blo zu hierem bloen Gott,die roud zeien die roud Grenzlinnen an die giel die giel Grenzlinnen.
meee,do ass jo den Erbs,gudde moien Erbs
a jo iwert den Erbs do west der jo nach neischt,mat him ass dat esou.

An all de 4 Farwläner kommen die kleng Kanner ganz farweg op t'Welt me wann hier Elteren ganz leiw mat hinne sin an hinnen vill kusse gin,si eizi machen,an hinnen schein schwätzen da gin Kanner esou wie sie gring roud blo oder giel.
Beim Erbs war dat och esou me et ass net ganz richteg gangen an durfir huet hen nach de roude Punkt fir op der Nues,kuckt emol gudd

Erbs

hee,elo ka ken eis heieren ,ech muss der eppes erzielen,me psst dat dirfs de kengem soen ,ken dirw et wessen soss dief ech net mei heihi kommen,a jo hei ech hu gester gedremmt,a wess du vu wat.....
ma vun engem roude Punkt.vun engem scheinem groussem roudem Punkt,de war immens schein,ech wensche mer scho lang e roude Punkt, mmh,ech willt ech hät en,e roude Punkt,dat wir fantastesch

Roud Kand

psst,Erbs (hen erfeiert)
ech,hun vun dengem Dram heieren.

Erbs

he,wisou,vu mengem Dram,do wess dach ken eppes dervun,

roud Kand

nee,dat ass richteg erzielt huet ke mer eppes dervun,wes de ech hun dat eigentlech gespurt.dat ass esou e Gevill a mer wanns du der eppes wönschs,ech spieren dass du e roude Punkt wells.

Erbs

pass,op,wann en eis hei zesummen geseit wes du jo wat eis geschitt.

roud Kand

dat ass mer elo egal.Mee hei komm ech schenken der en.

Erbs

e,wat..

roud Kand

e roude Punkt

Erbs

merci,dausend mol merci mei Dram get wirklech
Kuckt all ech hun en e roude Punkt

blod Kand

den ass awer schein

roud Kand

Oh,ech well och e Punkt,mee ke rouden ,ech well e gringen well rouder hun ech schons a gring fannen ech schein

(sie kuken sech all a packen sech un,)

Erbs

(klömmt op a reift um Schöld)
Hei,kukt emol d'Farw get of hei um Scheld

gringt Kand

Oh,hei um Buedem get d'Farw och of
Iwerall gin d'Grenzen of

D'Kaner fenken un mat spillen rod eng Farw,

Lidd all

Loss mer all zesummen ,loss mer all zesummen,fredeg
spillen,sprangen an t 'Lut.

blod Kand

alles änert,ech kann elo a roud goen, do ass et awer anescht wei bei eis,me so emol selver et ass schein hei....

gring t'Kand

ech sin jo net mei ganz gring,hei blo,do roud ,hei gring flott dat ass jo besser wei emmer die selvecht Farw.

roud Kand

dat heiten ass vill besser,ech kann elo iwerall higoen ech kann an all Land leieren an die gudd Sachen mat Hem huelen ech kann elo frei liwen genau esou wei all die aner an hiere Läner an bei eis am roude Land.

Erzieler

Die grous Leid hun dat do gesin an sie wollten dat alles nes äneren,roud bei roud blo bei blo

mee dat ass net gangen,well sie hugesin dass farweg Kanner frou Kanner sin a richteg kanner sin  an durfir war neischt mei ze äneren well sie wollten jo hier Kanner net ongläcklech machen.Die Grouss hun do och probeiert farweg ze gin,me dat war net esou einfach......

Lidd all